CAMERA LUXEMBOURG

# flash



photo: Jos RODENBOURG

Léif Memberen,

Ech si ganz frou, Iech no zwee Joer Paus erëm eng Nummer vun eisem Magasinn FLASH kënnen ze presentéieren an deem Dir eng Partie rezent Wierker vun eise Membere kënnt genéissen.

Vu datt de Summer esou lues op en Enn geet, hoffen ech, Dir hutt eng spannend an erhuelsam Vakanz verbruecht a sidd mat volle Späicherkaarten a vill schéine Souveniren heem komm. Mir sinn op alle Fall scho ganz gespaant, Är Biller an den nächsten Digesten ze kucken. An deem Kontext invitéieren ech Iech nach eng Kéier ganz häerzlech, fir beim 48. Salon National vun der FLPA a beim 10th Luxembourg International Digital Contest 2022 matzemaachen (Delai ass all Kéier den 9. Oktober.). Ech wëll Iech och drun erënneren, datt mir Enn dës Joers am Kader vum 75. Clubanniversaire eng spezial Nummer vum FLASH erausbréngen, wou all Member bis zu 4 Biller ka weisen. Avis aux amateurs!

Wéi gewinnt ass de Programm fir déi nächst zwee Méint gutt gefëllt an zimmlech variéiert. An deem Sënn freeën ech mech, Iech an enge vun eisen éischte Versammlungen erëmzegesinn an zesumme mat voller Energie an déi nächst Saison kënnen ze starten! Bis dohi wënschen ech Iech gutt Liicht a bleift gesond!

Gilles SCHAACK, President

No 1 Vol. 56 September 2022

# In Memoriam Nico Molitor



Dass den Nico als Juge bei nationalen an internationale Concours'en eng gefrote Perséinlechkeet war, ass bal eng Selbstverständlechkeet, a grad esou normal war, dass seng Meenung am Club net wéineg gezielt huet. Hien huet allerdéngs kee Blat virun de Mond geholl a konnt och mat treffenden an heiansdo spatze Bemierkungen seng Meenung illustréieren.

Duerch seng streng an éierlech Kritik, déi deem engen oder aneren net ëmmer geschmaacht huet, konnten eis Memberen awer a puncto Behandlung vum Sujet a Kompositioun vum Bild ganz vill léieren. Besonnesch de Cadrage vun der Foto loug dem Nico um Häerz, an en huet et net verdroen, wann duerch zevill Niewesächleches am Bild d'Haaptausso net richteg verstane gouf. Wann onwichteg Detailer hien am Bild gestéiert hunn an de Cadrage net gestëmmt huet, huet hien net laang gezéckt, hien huet déi virtuell Schéier geholl an d'Foto radikal geschnidden.

Mam Nico verléiert Camera Lëtzebuerg en ausgezeechente Fotograf an e gudde Frënd, dee säit Joerzéngten praktesch zum Inventar vum Club gehéiert huet. Vu sengem Talent, sengem Wëssen a Kënnen a senger Frëndschaft a Gesellegkeet hunn e sëllege Memberen laang Joere profitéiert. Mir wäerten den Nico net vergiessen.

Léon Doemer

"Heimlich, still und leise", ganz onopfälleg, huet den Nico eis den 11. Abrëll 2022 am Alter vu 76 Joer verlooss.

Säin diskreten Doud (eréischt zwee Méint duerno huet eng Zeitungs-Annonce kuerz drop higewisen) huet am Fong net richteg zum Nico gepasst: Hien huet éischter op ee méi opfällegen an extravaganten Outfit gehal, a wat him am meeschte géint de Stréch gaang ass, dat waren de "laisser-aller" an de "mauvais goût".

Hien hat nämlech eng staark kënstleresch Oder, konnt exzellent zeechnen an huet mat vill Enthusiasmus säin Talent bei Camera Lëtzebuerg agesat. Zou de sëlleche "Workshops", bei deenen de Club groussformateg Biller ausgeschafft an ausgestallt huet, huet den Nico vill bäigedroen: Hien huet net nëmme gehollef, de Sujet erauszesichen, hien huet sech och gläich virgestallt, wéi een déi eenzel Szenen kënnt konkret an d'Bild setzen. Duerfir huet hien net nëmmen eng Hellewull Skizze gezeechent a war bei den Opnamen ëmmer derbäi, mee hien huet virun allem duerch säi séchert Gefill fir den Opbau vum Bild, de Cadrage an d'Harmonie vun de Faarwen zur kënstlerescher Qualitéit vun de Fotoe bäigedroen.



# In Memoriam Jim Soffiaturo






Ganz onerwaart huet de Jim eis den 12. Abrëll 2022 verlooss an e grousst Lach am Club hannerlooss. Wärend deene méi wéi 10 Joer, wou de Jim Member war, hu mir hien als liewensfrouen a sympathesche Mënsch erlieft. Wärend den Digesten huet hien des Ëfteren konstruktiv Bildkritike gemaach a bewisen, datt hien eppes vu Fotografie, speziell och wat d'Technik ugeet, verstanen huet. Seng Wierker, déi hien am FLASH a bei eisen Ausstellunge gewisen huet, hu säi fotografescht Talent beluecht. De Jim feelt eis a mir wäerten hien ëmmer a gudder Erënnerung behalen.









**"Was ich an Fotografien mag, ist, dass sie einen Moment festhalten, der für immer vergangen ist und nicht reproduzierbar ist."**

*Karl Lagerfeld*




Romain CLEMENT


Martin PATZ


Adrien LAMMAR


Romain CLEMENT

**«La composition doit être une de nos préoccupations constantes, mais au moment de photographier elle ne peut être qu'intuitive, car nous sommes aux prises avec des instants fugitifs où les rapports sont mouvants.»**

*Henri Cartier-Bresson*












# 10th Luxembourg International Digital Contest 2022

## ANNIVERSARY EDITION

CAMERA LUXEMBOURG

**SALON IS OPEN**


Photo : Hung CHAN

Patronage FIAP 2022/583

Patronage GPU L220166

FLPA Fédération Luxembourgeoise de la Photographie Artistique
Patronage FLPA 211/22/11


Photo : Giuseppe TOMELLERI

### CALENDAR

| | |
|---|---|
| Closing date: | 09/10/2022 |
| Judging date: | 15/10 + 16/10/2022 |
| Results posted on webpage: | 30/10/2022 |
| Report cards emailed: | 30/10/2022 |
| Public showing: | 03/12 + 08/12/2022 |
| Awards mailed: | 19/12/2022 |

### 4 DIGITAL SECTIONS

A) OPEN COLOR (color digital) - FIAP PID Color
B) OPEN MONOCHROME (monochrome digital) - FIAP PID Monochrome
C) TRAVEL (color or monochrome digital) - FIAP PID Travel
D) NATURE (color or monochrome digital) - FIAP PID Nature

**ENTRY FEE** (Payment by *PayPal*)
14 EUR / 22 EUR / 27 EUR / 30 EUR for 1 / 2 / 3 / 4 section/s
**Discounts: Individuals: Early bird 20% / Groups: 10% or 20%**

### 142 AWARDS

FIAP special light blue pin for the best author
4 FIAP Gold, Silver and Bronze medals
24 FIAP ribbons

4 GPU Gold, Silver and Bronze medals
24 GPU ribbons

4 FLPA Gold, Silver and Bronze medals
20 honourable FLPA mentions

12 CAMERA LUXEMBOURG diplomas (judges' choice)
12 honourable CAMERA LUXEMBOURG mentions
4 CAMERA LUXEMBOURG Gold, Silver and Bronze medals for images of Luxembourg authors
CAMERA LUXEMBOURG trophy for the best Luxembourg author


Photo : Gaby NOLS


Photo : Ahmed Mohamed HASSAN


Photo : Yu Ling HO

Instructions and registration on **www.digicon.lu**
Contact: **digicon@cameralux.lu**

# Programme

**15.09.22 20:00 | Club** ***DIGEST*** **« NUMÉRO SPÉCIAL FLASH »**

Dans le cadre de l'exposition « La vie associative dans la ville de Luxembourg depuis le 19e siècle », CAMERA LUXEMBOURG exposera dans une salle spécialement réservée du ***Lëtzebuerg City Museum***. À cette occasion, nous avons l'intention d'éditer vers la fin de l'année un numéro spécial « 75$^{e}$ anniversaire » dans lequel seront publiées entre autres quatre œuvres de chaque membre intéressé. Chacun d'entre vous est donc cordialement invité à téléverser six de ses meilleures photos (format jpg, résolution maximale) via notre site internet sous la rubrique *More/Upload fir Digest*, ce de préférence jusqu'au jeudi 8 septembre. Lors de la soirée, nous ferons le choix des images destinées à être montrées dans la brochure en question.

**22.09.22 20:00 | Cité judiciaire** **SORTIE PHOTOGRAPHIQUE**

En cette toute dernière fin de l'été, nous vous proposons de nouveau une sortie nocturne, notamment dans le quartier du *Grund* connu pour sa richesse culturelle et architecturale et inscrit au patrimoine mondial de l'UNESCO depuis 1994. Si le temps le permet, nous ferons encore un tour dans les quartiers de *Clausen* et de *Pfaffenthal*. Nous aurons certainement beaucoup d'occasions pour réaliser des prises de vues intéressantes de la ville ancienne avec ses fortifications et ses rives boisées. N'oubliez pas d'apporter votre trépied afin d'éviter tout bougé.
Rendez-vous à 20.00 devant l'ascenseur menant au *Grund* (Cité judiciaire – Plateau du Saint-Esprit).

**29.09.22 20:00 | Club** **TRAITEMENT D'IMAGE « PORTRAIT »**

Suite aux prises de vues réalisées lors du workshop « Portrait » en date du 9 juin, Adrien LAMMAR vous dévoilera un certain nombre de retouches essentielles pour créer un beau portrait à l'aide d'un traitement d'image numérique en *Photoshop* non destructif.

**06.10.22 20:00 | Club** ***DIGEST*** **« RENTRÉE »**

Cette soirée sera principalement consacrée à la présentation de vos photos que vous aurez prises lors des vacances ; nous espérons que vous aurez réussi à réaliser quelques photos originales de votre dernier voyage. Veuillez faire au préalable un choix judicieux (maximum 8 photos) et optimiser les images au maximum. N'oubliez pas de nommer vos fichiers correctement (numéro de séquence, nom de famille et prénom (ex.: 1_DUPONT Jean, 2_DUPONT Jean, …)). Vous êtes libres de les téléverser à l'avance via notre site ou de les apporter sur un stick USB le soir même.

**13.10.22 20:00 | Club** ***WORKSHOP*** **DE TRAITEMENT D'IMAGE**

Sur base des critiques faites lors du *digest* du 6 octobre, nous allons traiter numériquement quelques photos que les membres avaient apportées. Une séance certainement enrichissante pour tous lors de laquelle votre contribution active est vivement souhaitée !

**20.10.22 20:00 | Club** ***WORKSHOP* « TOPAZ AI »**

Lors de cette soirée, notre membre Jeff ORIGER nous présentera le logiciel d'amélioration de photos Topaz AI, basé sur l'intelligence artificielle, qui se branche directement sur votre flux de travail de post-traitement existant. Il nous montrera notamment comment on peut utiliser les deux plugins DeNoise AI et Sharpen AI en combination avec le logiciel Photoshop.

**27.10.22 20:00 | Club** ***WORKSHOP* AVEC HARALD KRÖHER**

Harald KRÖHER est un vrai coryphée dans le monde de la photographie et très connu pour ses images d'une qualité exceptionnelle, en particulier celles de portraits et de paysages. En dehors de ses travaux personnels, il organise régulièrement des workshops avec des modèles en des lieux très divers, que ce soit en Allemagne ou à l'étranger.

Au cours de la soirée, Harald KRÖHER abordera différentes catégories de photographies et présentera notamment cinq techniques de base du flash en photographie de portrait en travaillant avec un modèle. Il indiquera quels objectifs utiliser dans quelle circonstance et comment optimiser la mise en lumière en studio. Ensuite, il présentera ses meilleures photos de nu en studio que nous pourrons discuter ensemble. La soirée se terminera par un diaporama multimédia de 15 minutes sur la Bretagne, du paysage à la nature.

Ne manquez donc pas cette soirée hors du commun !

**03.11.22 20:00 | Club** ***DIGEST***

Comme chaque premier jeudi du mois, nous allons procéder à l'analyse de vos œuvres. Veuillez faire au préalable un choix judicieux (maximum 8 photos) et optimiser les images au maximum. N'oubliez pas de nommer vos fichiers correctement (numéro de séquence, nom de famille et prénom (ex. : 1_DUPONT Jean, 2_DUPONT Jean, …)). Vous êtes libres de les téléverser à l'avance via notre site ou de les apporter sur un stick USB le soir même.

Il est vivement souhaité que vous apportiez des images que vous avez déjà présentées lors du (des) digest(s) précédent(s) et pour lesquelles des membres ont proposé des améliorations de sorte à pouvoir comparer les deux versions, l'une avant et l'autre après votre traitement d'image (noms des fichiers de la première version : p. ex. 1_DUPONT Jean_a, 2_DUPONT Jean_a, … ; noms des fichiers de la deuxième version : p. ex. 1_DUPONT Jean_b, 2_DUPONT Jean_b, …).

**10.11.22 20:00 | Club** ***WORKSHOP* DE TRAITEMENT D'IMAGE**

Sur base des critiques faites lors du *digest* du 3 novembre, nous allons traiter numériquement quelques photos que les membres avaient apportées. Une séance certainement enrichissante pour tous lors de laquelle votre contribution active est vivement souhaitée !




**"There are no rules for good photographs, there are only good photographs."**
*Ansel Adams*






# Workshop Harald KRÖHER

Harald Kröher wurde 1955 geboren. Nach dem Abitur hat er in Mainz studiert und als Dipl. Ing. abgeschlossen, war drei Jahre Assistent an der Uni in Kaiserslautern und hat dort zusätzlich Raum- und Umweltplanung studiert. Während seines Zweitstudiums hatte er auch zusätzlich etliche Fächer aus dem künstlerischen Bereich belegt, so auch Fotografie.
Eine besondere Sache war für ihn die Digitalisierung der Fotografie: Weg aus dem engen Labor an den PC, das war für ihn ein kreativer Schub.
Seit zwölf Jahren ist er der künstlerische Leiter der Fototage in Pirmasens, die 2019 mit mehr als 16000 Besuchern einen neuen Zuschauerrekord verbuchten.
Eines seiner Grundkonzepte ‚Mensch und Natur' setzt er an vielen verschiedenen Locations in Europa mit immer neuen Modellen konsequent um. Auf der einen Seite zeigt er hier den klassischen Akt z.B. eingebunden in die wilde Landschaft der Bretagne, auf der anderen Seite ‚die Frau im weißen Kleid', wie sie im Frühlingswind über die frischgrünen Wiesen im Elsass streift.



Weiterhin ist seine Heimat die Studiofotografie im Studio Stileben, aber auch als Dozent bei vielen Workshops und Lehraufträgen. Auch hier sucht er immer die Gegensätze, weg vom Mainstream, er drückt seinen Fotografien seinen Stempel auf. Er arbeitet im Studio oft sehr aufwendig, aber auch manchmal minimalistisch. Es sind gerade neue Situationen und Locations aller Art eine Herausforderung für ihn.

Harald Kröher hat in seiner Laufbahn als Fotograf schon mehr als 850 Workshops quer durch die Welt gegeben.
Ein besonderer Reiz bietet für ihn aber auch die Landschaft seiner Heimat, die Pfalz, mit ihren wilden Sandsteinfelsen und ihren endlosen Wäldern. In vielen Veröffentlichungen und Vorträgen darüber hat er sich auch einen Namen als Landschaftsfotograf gemacht, den er noch mit Reisedokumentationen über Norwegen, Frankreich, Portugal, Island, Schweiz und Rumänien erweitert hat.
Mittlerweile sind viele Veröffentlichungen von Landschafts-, Portraits- und Aktbildern in Zeitschriften zu sehen.

Wettbewerbe hatte er bis 2013 regelmäßig gemacht und bis zu diesem Zeitpunkt allein im Super- Circuit 7-mal Gold gewonnen. 2022 machte er nochmals beim Super – Circuit in Linz mit, da es der letzte Wettbewerb dieser Art war, und gewann 2 Gold Medaillen - in der Hauptkategorie COLOR die Goldmedaille der FIAP und in der Kategorie ‚menschliches Vertrauen' ebenfalls Gold.

------------------------------

Wir werden uns an dem Abend mit völlig verschiedenen Fotografie Kategorien befassen.

Einmal mit der Portraitfotografie und der Lichtsetzung im Studio – Objektive, die dazu sinnvoll sind oder nicht und wo man diese dann am besten einsetzt und wie.

Die 5 Grundblitztechniken der Portraitfotografie!!

Danach werde ich meine besten Nudeartbilder vom Studio und auch die von on Location präsentieren. Gerne können wir anschließend darüber diskutieren.

Der Abschluss wird eine 15 min. Multimediashow von meinem Landschaftsdreiteiler - DIE BRETAGNE - sein – von Landschaft bis Natur.

Workshops quer durch Europa bestimmen heute sein Repertoire - von Natur bis Landschaft , von Portrait bis Akt !!

www.stileben-online.de




Jean-Paul ENGELDINGER


Jeanny MARX


Jeanny MARX

# Dréckt wannechgelift d'Eent

*(eng zimmlech grotesk Geschicht)*

Kierzlech sinn ech an enger ganz bekannter Fotozäitschrëft op eng sensationell Nouvelle gestouss: Een a Fotokreesser net manner bekannte Software-Schmadd huet eng fantastesch Äpp zesummegeschoustert (wann een dat vun engem Schmadd ka soen), déi fir bestëmmte Beräicher vun der Fotografie e richtege Quantespronk duerstellt.

Wat ass geschitt? Abee, dee Schmadd huet d'Prozedur, déi ee muss duerchlafen, wann ee bei déi eng oder aner Firma oder Administratioun telefonéiert, einfach an d'Fotografie eriwwergeholl an deementspriechend ganz geschéckt ugepasst. Jiddferee wees jo, wéi dat am Alldag fonktionéiert, zum Beispill: Nodeems dir d'Nummer gewielt hutt, héiert dir dat hei:

*„Wëllt Dir griechesch schwätzen, dréckt wgl d'Eent. Wëllt Dir serbo-kroatesch schwätzen, dréckt wgl d'Zwee. Wëllt Dir mam Service schwätzen, deen all Reklamatioun direkt an denDreckseemer geheit, dann dréckt wgl d'Dräi. Wëllt Dir mam Direkter senger Maîtresse schwätzen, dréckt wgl d'Véier.Wëllt Dir mat der Botzfra schwätzen, dréckt wgl d'Fënnef."* Esou kann dat Spillchen nach eng ganz Zäit weidergoen, eng immens amusantAffär!

Wann een elo déi Äpp aus der Foto-Schmëdd, déi natierlech net fir näischt ass – dat wier jo gelaacht – erofgelueden huet, huet een e puer groussaarteg Alternativen: Wann een zum Beispill als Juge oder Critique d'Art Photographique mat dëser Äpp un eng Kollektioun vun - soe mer emol - e puer dausend Biller erugeet, déi a méiglechst kuerzer Zäit musse bewäert ginn, kann esou eng Äpp terribel nëtzlech sinn. Ech explizéieren:

Wëllt dir zum Beispill dem Auteur säi Bild am Original gesinn, **dréckt d'Eent**. Dat brauch natierlech déi meeschten Zäit, bis d'Bild an all sengen Detailer an a senger ganzer Schéinheet erofgelueden an opgebaut ass. Dat kann ënner Ëmstänn verdäiwelt laang daueren.

Sidd dir awer presséiert an hutt net onbedéngt déi néideg Zäit fir Ären Job z'erleedegen, dann **dréckt d'Zwee**. Awer opgepasst! Elo weist sech dee phänomenalen Avantage vun där neier Äpp: Dir gesitt nämlech nëmmen déi iewescht Hallschecht vun der Foto! An déi ass am Brochdeel vun enger Sekonn um Bildschierm. E formidabelen **Zäitgewënn!** Mee een zweete Virdeel ass net manner wichteg: Et dréit sech em déi ongeheier **kreativ Imaginatioun**, déi all Juge elo asetzt. Wéi de Blëtz baut hie selwer déi zweet Hallschecht vum Bild a senger **staarker Fantasie** op a kann – och am Brochdeel vun enger Sekonn – een doudséchert Urteel ofginn.

Ech mengen, déi groussaarteg Leeschtungen, déi hei allgemeng am Spill sinn, liichte jiddwerengem an, esouguer deenen, déi d'waarmt Waasser net erfonnt hunn!

Et läit op der Hand, dass et nach aner Méiglechkeete gëtt. Wien z. Bsp. nëmmen déi ënnescht Hallschecht vum Bild wëllt gesinn, **dréckt d'Dräi**. Mat **4** a **5** gesäit ee logescherweis déi lénks bzw. déi rechts Hallschechten, ëmmer erëm an engem **Rekordtempo!** De Wahnsinn am Quadrat!

De Clou awer: **Dréckt een dräimol d'Null**, dann huet een dat heite Bild grouss um Ecran:



Léon Doemer



Fred WEISGERBER


Cécile PAULUS


Cécile PAULUS


Laurent KOOB


Laurent KOOB


Jeff ORIGER


Jeff ORIGER


Michel FOEHR


imprimerie Heintz s.à r.l.
15, rue Robert Krieps | L-4702 PÉTANGE
Tél.: 50 71 41 | e-mail: heintz@pt.lu

OPTIQUE RODENBOURG



34, RUE PHILIPPE II L-2340 LUXEMBOURG

NEW!

LEICA Q2

Accept nothing but perfection.

The new Leica Q2 will expand your creative freedom thanks to its high resolution and best-in-class protection against dust and spray water. Equipped with a newly developed 47.3 MP full-frame sensor, the fastest lens in its class and a precise autofocus, the camera delivers ultimate image quality and flexibility across a variety of genres. As a professional tool for available light photography in challenging conditions, the Leica Q2 will enable you to go beyond limits to attain the perfect image.

Find more inspiration at www.q2.leica-camera.com




LECUIT
photo equipment & more

lecuit photo equipment | 3, rue des joncs | l-1818 howald | www.lecuit.lu